adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. September 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister wieder ze leeden.

Am Dossier Fage seet den Här Minister an enger Äntwert op eng parlamentaresch Fro, datt de Staat d'„coûts de viabilisation" vum Fage-Terrain zu Beetebuerg/Diddeleng iwwerhëlt, well dat an enger nationaler Industriezon ëmmer esou gemaach géif.

D'Fro ass awer ëm e Kanal vun 1,3 Kilometer Längt gaangen, fir Ofwaasser an d'Uelzecht ze leeden, deen eng Oplo vum Lëtzebuerger Waasserwirtschaftsamt un d'Firma Fage ass.

An deem Kontext wéilt ech dem Här Minister dës Froe stellen:

1. Dee Kanal vun 1,3 Kilometer an d'Uelzecht entsprécht Oploe vum Lëtzebuerger Waasserwirtschaftsamt, déi näischt mat enger „Viabilisatioun" mee vill mat der spezifescher Natur vun der Industrieaktivitéit ze dinn hunn. Ass et net falsch, dës Käschten als „Coûts de viabilisation" ze bezeechnen an net einfach als Baukäschten unzegesinn?
2. D'Waasserwirtschaftsamt huet och d'Oplo gemaach, datt d'Ofwaasser vun der Fabrick gekillt gëtt, ier et an d'Uelzecht geleet gëtt. Muss de Steierzueler no der Ausleeung vum Här Wirtschaftsminister och fir dës Infrastruktur opkommen a wat kascht déi Installatioun?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742